

décembre 2003 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2004

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Hauptert (CSV), *rapporteur*. - Merci, Hâr President. Dee Projet 5335 ass ganz kuerz, awer dofir net onwichtig, well en erlaabt der Regierung, fir méi Leit anzustellen an dobäi nach Suen am Budget ze spueren.

Ech erkläre mech: Am Budget fir d'Joer 2004 war e Gesamtcontingent vu Leit, déi d'Regierung kéint à durée déterminée astelle fir d'Besoiné vun eiser Présidence vum nächste Joer. An deem Gesamtcontingent waren och 29 Employéë virgesinn, déi net EU-Bierger sinn an déi d'Regierung da sur place kéint rekrutéieren; et waren zéng Employéén an der Carrière supérieure an 19 an der Carrière moyenne. Et huet sech awer erausgestallt, dass dee Contingent vun 10 an 19 net géing duergoen, an dofir gesäit dee Projet hei vir, fir déi Zuel awer, am Gesamtcontingent gesinn, vun 10 op 20 a vun 19 op 40 ze héijen. Wa mir dat net géinge maachen, dann hätt d'Regierung am Fong geholl missen higoen a Leit hei zu Lëtzebuerg rekrutéieren an dann an d'Ausland détachéieren; dat wär méi deier gi wéi wa mir elo déi Modifikatioun am Budgetsgesetz virgesinn.

De Conseil d'État huet säin Avis zu dësem Projet ofginn. D'Finanz- an d'Budgetscommissioun - an dofir wëll ech all menge Kolleegen aus der Kommissioun merci soen - ware bereet, fir dee Projet hei ganz kuerzfristeg iwwert den Instanzenwee ze bréngen, well en esou wichtig ass fir d'Regierung a well en der Regierung och nach erlaabt, Suen ze spueren. An ech géing lech bieden, de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner ass den Hâr Krecké agedroen.

(Interruption)

M. le Président. - Den Hâr Bodry huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Alex Bodry (LSAP). - Ech gesinn den Hâr Krecké net. Da géing ech awer probéieren dat esou gutt ze maachen, wéi hien et gemaach hätt.

Ech géif den Accord vu menger Fraktioun hei abréngen, dee mir besonnesch gare ginn, well dat doten eigentlech e Projet ass, dee besonnesch der nächster Regierung wäert hëllefen; dofir ass et e „Jo“ vun eiser Fraktioun.

(Interruptions et hilarité)

M. le Président. - Den Hâr Rippinger.

(Assentiment)

Den Hâr Gibéryen.

(Assentiment)

Ech mengen, da kënn mer dem Minister direkt d'Wuert ginn.

(Assentiment)

Ech gesinn, et ass alles an der Rei, d'Saach ass kloer an da komme mer direkt zur Lecture vum Article unique.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen also of iwwert de Projet de loi 5335.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalte sech.

De Projet de loi 5335 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen an 1 Abstent-ioun.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank (par M. Lucien Clement), MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM. Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weller (par M. Nico Loes) et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par M. Niki Bettendorf), MM. Jean-Paul Rippinger (par Mme Simone Beissel), Marco Schroell (par Mme Agny Durdu) et John Schummer;

MM. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jos Scheuer (par Mme Mady Delvaux-Stehres) et Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes et Aly Jaerling;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Dagmar Reuter-Angelsberg), Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener (par M. Camille Gira).

S'est abstenu: M. Serge Urbany.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da kéime mer zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5215 iwwert d'Kulturinstituter. Et si schonn ageschriwwen: d'Madame Arendt, déi Häre Fayot, Krieps, Greisen an d'Madame Reuter. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, déi honorabel Madame Nelly Stein.

7. 5215 - Projet de loi portant réorganisation des instituts culturels de l'État

Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, haut stëmme mir dee leschte kulturpolitesche Projet vun dëser Legislaturperiod. An éier ech op d'Haaptaspekter vun dësem Gesetzestext aginn, wëllt ech vun der Geleeenheet profitéiere fir de Memberen aus der Kommissioun e grouse Merci auszeschwätzen, an zwar souwuel der Opposition wéi der Majoritéit. Éischstens fir déi gutt Ambiance, ech géing souguer soe fir déi Frëndschaft, déi mir an där Kommissioun do haten, an zweetens fir hiert konstruktiv Matschaffen.

Et ware fënneg gutt a produktiv Joren, wou mir geschaff hunn a wou mir eng Partie ganz wichteg Projekte konnten evakuéieren; an net ëmmer déi einfachst. Ech denken do och un d'Uni Lëtzebuerg, wou mir eis laang domat beschäftigt hunn, mir hunn eis och ganz laang mat Sites et Monuments beschäftigt, leider krute mir do den Avis net méi zur Zäit, mä dofir krute mir awer dee vum Projet vun haut.

Ech géif also soen, mir hätten an deene meeschten Dossieren e Konsens fonnt. An do wëll ech awer dobäi fügen: Dank dem gudde Wëllen, der Kulanz an der Flexibilität vun eiser Madame Minister, der Madame Hennicot, konnte mir all déi Projeten do bal unaniment hei an der Chamber duerchbréngen. Och alle Mataarbechter aus dem Ministère - ech wëll se net all erwähnen, et ware schonn Habituéen an eiser Kommissioun - an och alle Mataarbechter aus der Chamber an de Responsabele vun der Lëtzebuergescher Kulturzeen, wëll ech hei e grouse Merci soen.

An elo zum Projet de loi. Mat deem virleienden Text setze mir de Koalitionsaccord ëm, deen a sengen Dispositiounen zur Kultur eng Reform vum Gesetz vum 28. Dezember 1988 iwwert déi staatlech Kulturinstituter virgesinn hat. Ech wëllt des Dispositiounen nach eng Keier ganz kuerz an Erënnung ruffen: «Pour garantir un meilleur accès à tous à la Culture, le Gouvernement actualisera la loi du 28 décembre 1988 concernant les instituts culturels de l'État. Les six sections de l'Institut grand-ducal, précédeseurs des instituts culturels y trouveront leur place. Les activités du Centre national de littérature et celles du Casino Luxembourg - Forum d'art contemporain sont confirmées. Le Gouvernement favorisera la collaboration avec d'autres instituts culturels nationaux et internationaux et aidera à décentraliser leurs activités en vue d'une meilleure sensibilisation du public à l'art et à la culture scientifique.»

Dir Dammen an Dir Hären, bal 16 Joer sinn elo an d'Land gaangen zënter deem Gesetz. Eis Kulturzeen huet sech virun allem ënnert dem Impuls vum 1995er Kulturjoer prächtig entwéckelt. Eis Muséeën a kulturell Siten hunn all Informatiouns- a Kommunikationtechnologien an hir Offer mat agebaut. Et huet sech also villes beweegt, a fir dass eis kulturell Offer och weiderhi gedeie kann, sinn net nëmmen um infrastrukturelle Plang, mä och um personelle Plang Adaptatiounen gemaach ginn, wéi vill a wat fir Leit noutwendeg sinn, fir den héijen Niveau weiderhin ze halen.

Hâr President, de virleiende Projet 5215 ass den 30. September 2003 vun der Kulturministerin, der Madame Erna Hennicot-Schoepges, an der Chamber déposéiert ginn. Mir haten eng Partie Kommissiounssätzungen, an zwar de 5. Februar, de 4., den 9., den 11. an de 17. Mäerz, wou mir den Text analyséiert hunn. An eise Reuniounen goufen och Verrieder aus den eenzelne Kulturinstituter empfaangen, wat d'Analys vum Text wesentlich vereinfacht huet. De 7. Abrëll huet d'Regierung eng Partie Amendementer ugeholl an un de Statsrot weidergeleet, dee säin Avis de 4. Mee ofginn huet, an d'Kommissioun huet en de 6. Mee analyséiert. Et ass zum Schluss e bësse méi séier gaangen, mä Dir gesitt, mir haten eis awer am Virfeld ganz vill Zäit geholl. Et bleift och nach ze soen, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics den 8. Mäerz 2004 en détailléierten Avis zu dësem Text ofginn hat. An der Sëtzung vum 12. Mee gouf ech als Rapporteur designéiert an de schrëftleche Rapport gouf och do adoptéiert.

Ech wëll elo kuerz op déi eenzel Reforme vum 1998er Gesetz agoen, déi sech an der Haaptsaach op dräi Volete bezéien. An dësem Text geet et zum engen drëm:

a) fir verschidden Ëmorganisatiounen an den eenzelnen Instituter a Muséeën gesetzlech festzehalen an eng Partie nei Missiounen opzehuelen;

b) de Centre national de l'audiovisuel an de Centre national de la lit-

térature an des Gesetzgebung ze integréieren; souwéi

c) de personale Kader am Gesetz deelweis nei ze definéieren.

Elo zu deene siwe Kulturinstituter, déi mir hunn. Éischstens...

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Une voix. - Dat ass d'CSV, Madame Stein.

M. le Président. - Ech mengen, Dir iert lech, Hâr Jaerling.

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Ech wosst awer nach net, dass den Hâr Gira an den Hâr Jaerling bei eis an der Partei wäeren.

(Hilarité)

Dat wär awer nei. Dat wär jo bal e Wonner.

(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

M. Aly Jaerling (ADR). - Madame Stein, ech sinn ausnahmsweis eng Keier ganz onschëlleg. Ech hunn hei kee Wuert gesot.

M. le Président. - Jo, jo, da loosst d'Madame Stein elo schwätzen. Déi aner sollen nolauschteren.

Mme Nelly Stein (CSV), *rapporteuse*. - Zu deene siwe Kulturinstituter komme mir nees zrëck.

1. D'Nationalarchiven, do goufen d'Section administrative an d'Section économique gespléckt, fir dann an engens eng Section informatique do anzeféieren.

2. D'Nationalbibliothék ass zu enger bedeitender Bibliothék erugewuess, déi souwuel um nationale wéi och um internationale Plang a Réseauen agebonnen ass. D'Bibliothék huet haut e Fong vu bal enger Millioun Exemplairen, an dagdeeglech passéieren hei 300 Leit, wat virun allem no sech zitt, dass dat Gebai jo am alen Athenäum vill ze vill kleng ass, mä nei Capacitéite stinn um Kierchbierg am Bâtiment Schuman zur Verfügung, wat mat sech bréngt, dass d'Bibliothék iwwer ausräichend raimlech Capacitéite verfüge kann, mä net nëmmen dat, mä och op déi neisten Technologie bei der Kollekt an an der Verwaltung vu Bicher zrëckgräife kann.

De virleiende Gesetzestext reforméiert virun allem d'Missioun vum der Nationalbibliothék, andeems déi wëssenschaftlech Roll vun der Bibliothék ënnerstrach gëtt. An dat ass just am Kontext vun der Uni Lëtzebuerg vu ganz grousser Bedeutung. Doniewent gëtt e weidere Accent op d'Roll als Coordinateur vun alle Lëtzebuurger Bibliothéike geluecht.

3. Den nationale Geschichts- a Konschtmusée kritt seng Missioun vun der Protektioun vum nationale Patrimoine archéologique preziséiert. Domadder ass dëse Musée chargéiert, fir am ganze Land eis archeologesch Schätzer en valeur ze setzen, wat ënner anerem no sech zitt, dass de Musée an zwee Departementer agedeelt gëtt, engersäits den Département Archéologie an anersäits den Département Collection d'histoire et d'art.

4. Am Naturhistoire - Dir gesitt, ech maachen e ganz grouse Résumé vun all deenen Instituter -: Den naturhistoresche Musée, bei dee kënnt elo d'Missioun vu wëssenschaftlechen Ausgruewungen dobäi. D'Aufgab besteet virun allem doranner, fir eise Patrimoine ze schützen an ze fannen, ier en duerch Verwahrlosung a Gefor geréit. Dobäi kënnt der Sensibilisatioun an der Pegadogik vum Public e gréissere Stellenwäert am Text zou. Des Sensibiliséierungsarbecht ass an de leschte Jore vun Erfolleg gekréint ginn. Et gëllt elo des positiv Experienz weider auszebauen.

5. De Service des Sites et Monuments nationaux, respektiv seng

Prozedure ginn am Gesetzesprojet 4715 reforméiert. De virleienden Text limitéiert sech drop, fir d'Kompetenze vum Sites et Monuments um Gebitt vun den Enseignes publicitaires ze definéieren, déi international Zesummenaarbecht ze regelen an de pedagogeschen Encadrement vun enger grousser Renovatioun ze assuréieren.

6. De Centre...

(Interruption)

Ech hunn eng Véirelstonn!

(Interruptions)

Hâr President, et hat ee mir d'Auer gewisen. Ech hunn nach fënneg Minutten.

(Interruptions)

6. De Centre national de l'audiovisuel, kuerz CNA, huet sech säit senger Grënnung 1989 zu engem onëmgängleche Piller an eiser Kulturszeen entwéckelt. En neien Elan kritt de CNA sécherlech duerch säin neit Gebai zu Diddeleng. Fir dass de CNA och um administrative Plang adequat encadréiert ka ginn, gëtt de CNA an d'Législatioun vun den Instituts culturels integréiert.

7. - a leschtens: Datselwecht gëllt fir de Centre national de littérature, dee säit 1994 existéiert. Säit September 1995 ass de Centre zu Miersch an der Maison Servais ënnerbruecht. D'Mériter vum Centre national de littérature am Kontext vun der Lëtzebuurger Literatur brauch ee jo hei net méi ervirzehiewen, well wann een d'Entwécklung kuckt, déi de Centre opzeweisen huet, mécht et Sënn fir en an dëst Gesetz opzehuelen, fir dass en och um administrative Plang de richteg Kader kritt.

Ech hat et, Hâr President, Dir Dammen an Dir Hären, virdro scho gesot, dass de virleienden Text och versicht en Ausgläich ze schafen tëschent de finanzielle Ressourcen, déi d'Instituts culturels ouni Zweifel brauchen, an dem personelle Kader vun den Instituter, ouni deen d'Qualitéit vun eiser kultureller Offer mëttel- a laangfristeg net kann oprechterhale ginn.

Ier ech elo op d'Aarbecht an der zoustänneger Kulturkommissioun zrëckkommen, wëllt ech nach kuerz op den Avis vum Statsrot agoen, dee sech generell positiv zu dësem Text ausgeschwat huet. En huet sech allerdéngs iwwert d'Envergure vun der Personalproblematik, wéi se am Text behandelt gëtt, ganz erstaunt gewisen. En huet dofir virgeschloen, ee fir allemol eng eenheetlech Léisung ze fannen, déi sech u staatlech Struktur riicht, fir ze verhënneren, dass net all Kéiers d'Dispositiounen iwwert d'Personal den eigentlechen Objet vum Text erdrécken. De Statsrot huet des Weidere bemängelt, dass de Prinzip vun der Gestion séparée net zrëckbehalen ginn ass - wat de Kolleg Ben Fayot och ëmmer an der Kommissioun be-tount huet.

Ech wëllt awer hei soen, dass d'Méiglechkeet ëmmer nach besteet fir d'Regierung - also déi nächst Regierung -, iwwert d'Budgetsgesetz d'Gestion séparée anzeféieren.

Den Hâr Fayot wénkt „Jo“, dann ass en zefridden. Da sinn ech och zefridden.

(Hilarité)

Déi gréissten Zrëckhalung huet de Statsrot gewisen am Bezug zum Regierungsamendement zum Artikel 36.8) b), wou et ëm nâischt aneschtens géif goen, wéi all déi Employéén iwwer transitoires Mesuren an der Gesetzvirlag ze fonctionnariséieren, déi bis haut nach keng Fonctionnaire sinn.

De Statsrot huet doriwwer eraus festgestallt, dass déi concernéiert Kulturinstituter weider Personal rekrutéieren, an dat iwwert de gesetzleche Kader eraus. D'Statsverwaltungen hätten awer eng Rei Regeln a Prozeduren zur Verfügung - ech zitéiere just, wat de Statsrot

gesot huet -, déi et hinnen erlaabt, bei exceptionelle Situatiounen ze rekrutéieren. Deemno misste sech déi concernéiert Instituter un dës Virgaben halen.

Zu gudder Lescht huet de Statsrot d'Schafung vun enger Zentralverwaltung virgeschloen, fir déi verschidden Instituter ze integréieren, déi sech an der Organisatioun an der administrativer Opdeelung souwiso gläichen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Aarbechten an der Kommissioun goufe vun de concernéierten Instituter begleet, déi eis wäertvoll Prezisiounen ginn hunn an eis aus hirer alldeeglecher Aarbecht erzielt hunn, wou eigentlech de Schung dréckt. Dat war fir eis ganz interessant. Ech hoffen, an do mengen ech schwätzen ech och am Numm vun all de Membere vun der Kommissioun, dass déi concernéiert Instituter op deene meeschte Punkten am Gesetz Satisfaktioun kruten.

D'Kulturministesch, d'Madame Hennicot, huet eis an der Kommissioun iwwert de Werdegang vun dëser Virlag opgekläert an d'Zesummenaarbecht mam Ministère de la Fonction publique an der Fro vum Personal belicht. Ursprénglech gouf vun enger Lëscht vun 107 Régularisatiounen ausgaangen. Am März 2003 ass eng Lëscht vu 40 bis 45 Régularisatiounen zréckbehalen ginn. Dunn ass am Regierungsrot vum Juli 2003 decidéiert ginn, fir d'Zuel vun de Fonctionnarisatiounen nach eng kéier op 17 ze limitéieren, andeems d'Emploëen, déi fonctionnariséiert solle ginn, ausgeschloss goufen.

Parallél dozou huet de Regierungsrat decidéiert, fir d'Konditiounen fir d'Fonctionnarisatioun ze iwwerschaffen. De Ministère de la Fonction publique huet dem Kulturministère déi nei Dispositiounen fir d'Fonctionnarisatioun iwwermëttelt. De Kulturministère hat d'Membere an der Kommissioun driwwer opgekläert, dass momentan 258 Persounen an de concernéierten Institute schaffen. De Ministère huet och d'Situatioun vun de fënnel onofhängegen Experten évoquéiert, déi scho säit laangem am Musée naturel d'histoire et d'art an am Centre national de littérature ugestallt sinn an déi net vum virleidenen Text betraff sinn. Dës hu mëttlerweile d'Verwaltungsgericht ugesicht, fir hir Situatioun ze regelen.

Wéi schonn uewe beschriwwen, hunn dës Régularisatiounen hiren Néierschlag an engem Amendement vun der Regierung fonnt, dee wéi gesot vum Statsrot verworf gouf. D'Regierung huet sech dunn dem Statsrot ugeschloss, well deen eng eenheetlech Léisung suggéiert huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, sou wäit de Gesetzestext. Ech sinn net an all Detail gaangen, well soss séize mer wahrscheinlech nach muer do, mä ech denken, dass ech déi néideg Präzisiounen zu dësem Text konnt liwweren.

Ech soen Iech merci fir Är Opmierksamkeit. Deene weinigen, déi nogelauschtert hunn, soen ech e ganz spezielle Merci.

Plusieurs voix.- Oh!

M. le Président.- Als éischt Riednerin ass d'Madame Nancy Arendt agedroen. D'Madame Arendt huet d'Wuert.

Discussion générale

Mme Nancy Arendt (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll der Presidentin vun der Kulturkommissioun an der Rapportrice vun dësem Gesetz als éischt am Numm vu menger Fraktioun e grouse Merci ausschwätzen. Duerch hire präzise schrëftlechen a mëndleche Rapport huet si et verstanen, déi grouss Linne vun dësem wichtege kulturpoliteschen Dossier duerzeleeën.

Dat erlaabt mir fir de Projet nach eng kéier an de Kontext ze setzen a fir d'Wichtigkeet vum Projet fir d'Kultur hei zu Lëtzebuerg ervirzehiewen. Dobäi wëll ech e puer méi perspektivesch Iwwerleeungen ustellen, déi sech an der Haaptsaach op d'Kulturpolitik vun de kommende Jore bezéien.

Här President, et steet haut ausser Zweifel, dass d'Kulturjoer 1995 e grouse Succès war. Et huet eiser Kulturzeen e groussen Opdriff ginn a Lëtzebuerg dauerhaft op der kulturpolitescher Landkaart vun eiser Groussregioun an Europa etabléiert. Mir denken haut nach un dëse Succès, deen et géllt 2007, wann alles gutt geet, wa Lëtzebuerg zesumme mat der Groussregioun erëm eng europäesch Kulturhauptstad ass, ze iwwertreffen. D'Preparative lafen op Héichtouren. A wien et net gleef, dee ka sech um Site „www.luxembourg2007.org“ en éischt Bild maachen.

Enn Mee fällt déi definitiv Décisioun am Kulturministerrot vun der Europäescher Unioun. No der ufänglecher Skepsis vum leschte Summer ass déi lëtzebuergesch Kandidatur gewuess a gediehen. D'Chancen, dass Lëtzebuerg 2007 den Zouschlag kritt, sti gutt. An d'fir wëll ech gäre ganz kuerz aus engem Rapport vum 5. Abrëll 2004 vun der Jury zitieren, dee beseet, an ech soen et op Englesch, well et war op Englesch: „It was generally considered that Luxembourg had greatly improved the proposal since the last meeting and it was very much appreciated that all the recommendations from the previous meeting had been taken seriously and implemented. The organisers are good and the proposal is well thought out and the panel was confident that the contact with the regions is good.“

M. Aly Jaerling (ADR).- Très bien.

Mme Nancy Arendt (CSV).- Merci, Här Jaerling. Dat léisst op eng positiv Décisioun hoffen. Op alle Fall si schonn eng 60 Projekte vu verschiddenen Institutiounen aus der Regioun ageschriwwen, déi vum Coordinateur général Robert Garcia iwwerpréift ginn. Ennert sengem Impuls, awer och duerch den Engagement vun eiser Kulturministesch Madame Erna Hennicot-Schoepges, hoffe meng Fraktioun an ech, dass mer den Erfolg vun 1995 nach eng kéier iwwertrefe kënnen.

Ech erënneren drun, dass d'Kulturjoer 1995 e bëssen ënnert engem anere Virzeeche stoung, well vill vun de Projekten hu missen importéiert ginn. Lëtzebuerg 2007 gétt anescht, well sech déi kulturell Acteuren, Institutiounen, Associatiounen an Organisatiounen multipléiert an diversifizéiert hunn. Ech denken och, dass sech d'Astellung zu esou engem Mega-Event souwuel op der Säit vun den öffentlichen Autoritéite wéi och beim Lëtzebuerg Public grondleeënd geännert huet, well 1995 esou e grouse Succès war. Et läit deemno an den Hänn vun der nächster Regierung, ob Lëtzebuerg 2007 e grouse Succès gétt.

En anere wichtege Datum, wou et géllt sech an Evidenz ze setzen, ass déi kommend EU-Présidence am éischte Semester 2005, wou et sécherlech an aller éischter Linn fir Europa ëm dezisiv a kruzial Froe geet, mä wou et och drëm geet, eist Land am Ausland a virun allem an deenen neien EU-Memberländer méi bekannt ze maachen. Och spillt déi virleidend Gesetzeslag hir Roll, andeems op administrativem an organisatoreschem Plang Kloecheit herrscht, fir och um kulturelle Plang op déi betreffen Institutiounen a Muséeën kënnen ze zielen. Déi Lescht spillen Haaptrollen bei dësen zwee Evénementen. Si musen d'fir souwuel um infrastrukturelle wéi och um personelle Plang entsprechend ausgerüst sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn haut eng breet gefächert kulturell Offer. Mir hu mëttlerweile am ganze Land eng Rei Kulturzentren ageriicht. Ech denken do zum Beispill un de Centre des Arts pluriels zu Ettelbréck, un de Kulturhuef zu Gréiwemaacher, de Centre culturel zu Miersch, de Centre culturel zu Wolz an d'Kulturfabrik am Süden zu Esch. An der Stad Lëtzebuerg sinn de Musée national d'histoire et d'art an d'Abtei Neumünster renovéiert ginn. D'neiwent kommen nach d'Coque um Kierchbiere, déi sech un e grouse Public riicht bei grouse musikalesche Veranstaltungen. Aner Infrastruktur kommen nach dobäi, an do denken ech besonnesch un d'Philharmonie um Kierchbiere, d'Rockhal op de Frichen an un de Musée fir zäitgenössesch Konscht. Ech sinn zouversichtlech, dass d'Aarbechte fir dës Kulturstätten an de kommende Méint wäerte virugedriwwen ginn.

Dëst ass net zulescht de Mérite vun deenen zwou leschte Regierungen, dass d'Kulturpolitik säit 1995 e groussen Effort erfuer huet. D'„Lëtzebuerg Land“ vum 16. Abrëll 2004 schwätzt an dësem Kontext vun engem „sacré retard à rattraper“ a fiert weider: «Au plus tard depuis la prise de conscience des grandes carences, en 1995, les deux gouvernements CSV-LSAP et CSV-DP ont massivement investi en infrastructures culturelles. Depuis nous avons assisté à la miraculeuse multiplication des musées - d'un seul en 1995, nous en sommes maintenant à sept sur le seul territoire de la capitale -, mais aussi à la mise en chantier de projets ambitieux.»

D'Efforte loosse sech also engersäits sécherlech un de kulturellen Infrastrukture festmaachen, mä och un der Evolution vum Kulturbudget, deen 1990 nach bei knapps zéng Milliounen Euro louch an 2002 schonn eng stattlech Zomm vu 54 Milliounen Euro opzeweisen huet. Och wann dat net drop schléisst léisst, dass aus eiser Kulturzeen e lukrative Marché entstanen ass, sou hunn déi zwou lescht Regierungen awer erkannt, dass d'Kultur eng wichtege Komponent an der Image de marque vun eisem Land duerstelt.

D'Kultur léisst sech awer net nëmmen mat den néidege Fonge maachen, an zu dësem Aspekt bemierkt d'„Lëtzebuerg Land“ zu Recht, dass eis Nopeschlänner hir Institutiounen an d'Kultur drastesch no ënne revidéieren an dass Lëtzebuerg seng Infrastrukture zu Enn féiert. Et bleift awer ze fäerten, dass d'Budgeten net ëmmer fir e professionelle Fonctionnement vun deenen eenzelne Muséeën, nei wéi al, duerginn. Deemno ass et kloer, dass de Projet déi richtig Akzenter setzt, andeems och um personelle Niveau den Handlungsbedarf gedeckt gétt.

Dir gesitt deemno wéi wichtege dëse Projet de loi fir eis Kulturpolitik ass, an ech denken, dass dës Aussoe verdäitlechen, dass et net duergeet fir eis Muséeën mat Budgeten auszustafféieren, wa mir net déi néideg qualifizéiert Leit hu fir déi Gelder gutt unzeleeën an eise kulturelle Patrimoine ze valoriséieren an dem Public zougängelech ze maachen.

D'Gesetz vum 28. Dezember 1988 huet iwwert déi lescht 16 Joer en adequate legislative Kader fir eis Kulturstätten duergestallt. Et sinn awer eng Partie kulturell Instituter bäikomm, anerer verfolgegen nei Missiounen, anerer hunn aner Organisatiounen an administrativ Opdeelungen, déi nach net am '88er Text ageschriwwen waren. Dobäi kënnt, dass verstärkt op nei Technologie gesat gétt, fir dem Public eise Patrimoine méi schmackhaft ze maachen oder fir d'Gestioun dovunner méi effektiv ze gestalten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat sinn d'Objete vun dësem Gesetz, dat fir d'Zukunft vun deene siwe betreffenen Instituter déi organisatoresch an administrativ Jaloné setzt, an dat och en vue vun den Eerausforderungen, déi am éischte Semester 2005 an 2007 op se duerkommen. Aus deenen Ursaachen eraus kënnen mir ouni ze zécken dësem Projet eis Zoustëmmung ginn, an ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Merci.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP).- Här President, et kann een d'Fro stelle bei dësem Projet, ob et sech ëm eng Reform vun de Kulturinstituter handelt. Déi Fro kann ee mat nee beäntwerten. Et handelt sech net ëm eng Reform. Et ass zum Beispill, wat d'Kulturinstituter ugeet, keng Reflexioun gemaach ginn, wéi een déi kënnt flexibiliséieren, zum Beispill doduerch, dass ee se géif transforméieren an Établissements publics, well se grouse Problemer hu fir sech un d'Demande ze adaptéieren, fir hire Personalkader auszubauen, an iwwerhaupt och fir hir Finanzgestioun esou ze gestalten, wéi dat fir e Service public vu Kultur ass. Et ass och keng Fro vu Gestion financière séparée, obscho mer dat jo op dräi Kulturinstituter hunn: Musée d'histoire et d'art, Musée d'histoire naturelle an de CNA, esou wéi et och schonn an deem engen oder an deem anere Lycée ass. Dat war eng Fro gewiescht, déi een hei hätt kënnen intensiv diskutéieren.

Et ass also keng Reform, et ass eng Réorganisatioun wéi den Titel vum Gesetz et seet. An déi Réorganisatioun besteet fir d'éischt emol doranner, dass fir de Centre national de l'audiovisuel a fir de Centre national de littérature eng Base légale geschaaft gétt. Déi bleiwen eigentlech dat wat se sinn an hirem Fonctionnement. An da virun allem ass dëst Gesetz eng Personalrégularisatioun. Dat gétt souwuel vum Conseil d'État wéi och vun der Chambre des Fonctionnaires ganz kloer gesot, à tel point dass d'Chambre des Fonctionnaires seet, dass dat Gesetz oder alles dat, wat am Gesetz niewent de Personalfroen ass, eigentlech nëmmen eng Feuille de vigne ass, fir déi Problemer vu Régularisatioun vum Personal ze verstopen.

D'Madame Rapportrice huet hei ganz prezis duergeluecht, wéi laang dass de Kulturministère mat der Fonction publique gerongen huet, fir zu deem Resultat ze kommen wat mer hunn, nämlech 32 Régularisatiounen plus eng Prozess vum Verwaltungsgericht vu sechs Experten, déi net ënnert deen Train do gefall sinn. Wann Der bedenkt, dass mer vun 107 ausgaange sinn am Januar 2003 - mir kommen dann elo den 19. Mee 2004 op 32, nodeem dass mer iwwer 17 gaange sinn -, ass dat natierlech de Beweis, wéi schwéier dass dat fir déi Kulturinstituter war, fir déi Leit, déi an der Zwëschenzäit agehallt gi sinn, ze régulariséieren.

D'Chambre des Fonctionnaires seet menger Usicht no zu Recht, dass an de Kulturinstituter d'Effektiver tëschent 2000 an 2003 ëm 28,6% an d'Luucht gaange sinn, wat enorm ass, an dass schlussendlech - wat ech och begreifen am Fong geholl fir d'Kulturinstituter a fir déi Aarbecht, déi se maachen; dat war jo sécher och noutwendeg - d'Fonctionnaires an deene Kulturinstituter an der Minoritéit ware par rapport zu den Employéen, zu den Aarbechter an dann och nach deenen Indépendanten, dat heescht deenen Experten, déi do agehallt waren.

Et ass also de wesentleche Punkt vun deem Ganzen. Et bleiwen awer - an do wollt ech just e puer Remar-

quen dozou maachen - zu deenen eenzelne Kulturinstituter selwer net gerad Reformen, mä dach eng Partie Modifikatiounen. Zum Beispill wat d'Nationalarchiven ugeet, soll déi Missioun vun den Nationalarchive fir öffentlech Archiven ze behandle méi prezis gemaach ginn. Ech muss allerdéngs soen, dass dat wat drasteet, nämlech „les archives nationales sont appelées à conseiller“ déi verschidden Administratiounen, wéi se mat hiren Archive sollen ëmgoen, dat fannen ech fix net genögend.

Ech fanne mir missten hei am Lëtzebuerg Stat eng Disziplin an eng prezis Réglementatioun aféieren, wéi déi eenzel Verwaltungen, wéi déi eenzel Ministère mat deenen offiziellen Dokumenter ëmginn, wéi se musse klasséiert ginn a wéi se dann och konservéiert ginn, am Intérêt vun der Recherche historique an iwwerhaupt och am Intérêt vun der Mémoire collective vum Lëtzebuerg Stat.

Ech mengen, déi Mémoire collective gi mer siche bei d'Vollek, mä mir hu selwer als Lëtzebuerg Stat keng kohärent Mémoire collective, an et deet mer Leed, dass mer an dësem Projet dat net esou ausgeschafft hu wéi een dat misst maachen, d'autant plus wou mer jo elo eng nei Directrice hunn, déi héchstwahrscheinlech mat neier Energie hätt kënnen dorunner goen. Dat ass a mengen Aen eng wichtege Reform, déi een eng kéier op deem Plang muss maachen.

Et gétt och preziséiert, wat d'Nationalbibliothék ugeet, dass se engersäits eng Bibliothèque patrimoniale an anerersäits eng Bibliothèque scientifique et de recherche ass. An do wësse mer jo, dass déi Bibliothèque nationale zur zentraler Unisbibliothék soll ginn. Et gétt jo schonn e Projet um Kierchbiere, an ech mengen, dëser respektiv och där zukünftiger Regierung misst ee mat op de Wee ginn, dass eng Dispersioun vu Bibliothéiken, vun Universitätsbibliothéike muss verhënnert ginn, dass mer ons wierklech mat deem Instrument do, mat där Nationalrespektiv Universitätsbibliothék müssen en Instrument ginn, dat den héchste wëssenschaftleche Kritären entsprécht, fir iwwerhaupt dann déi Infrastruktur fir d'Uni ze schafen. Ech wëll och soen, dass déi Nationalbibliothék eng Koordinatiounsarbecht huet fir all déi Bibliothéiken, déi zu Lëtzebuerg bestinn, an deem Sënn, dass e kollektive Katalog soll opgestallt ginn, wat ech och eng wichtege Aarbecht fannen.

Wat de Musée national d'histoire et d'art ugeet wéi och de Service des Sites et Monuments musse mer héchstwahrscheinlech nach doerben zréckkommen, wat déi Kompetenze vun deenen ugeet an der Recherche archéologique, wa mir dat Gesetz iwwert d'Sites et Monuments nach eng kéier op de Métier huelen, fir dat eent vis-à-vis vun deem aneren ofzestëmmen. Ech si selbstverständlech och d'accord, dass de Centre national de l'audiovisuel, deen eng excellent Aarbecht mécht, endlech elo seng Base légale kritt, an och de Centre national de littérature, deem seng Pionéieraarbecht am Intérêt vun der Lëtzebuerg Literatur jo iwwerall begreist gétt.

Dann nach vläicht eng lescht Remarque. An deem Centre national de littérature hu mer zwee Organer, engersäits de Conseil national du livre, an dann nach de Conseil permanent de la langue luxembourgeoise. Dat si bénévolé Comitéen, déi zwar Jetoné kréien, mä déi keng professionell Institutiounen sinn. An do wollt ech e Wuert soen iwwert dee Conseil permanent de la langue luxembourgeoise. Et gétt jo vill iwwer Lëtzebuergesch geschwat. Jiddereen hätt jo gär, dass iwwerall Lëtzebuergesch géleiert gétt, a mir wëllen dat jo och allegueren. Dat gétt jo an d'Vitrine gestallt fir d'Integratioun, fir d'Identitéit vun de Lëtzebuerg ze dévellopiieren. Da musse mer ons

awer och d'Mëttele gi fir dat ze maachen.

Or, dat Mëttel, wat mer hei hunn, dat ass e Conseil permanent de la langue luxembourgeoise, mat Bénévolen, ganz dichtegen a ganz engagéierte Leit, déi heiandsdo e Jeton kréien. Déi solle sech bekëmmere fir Dictionnaires ze maachen, bilingue Dictionnaires, Lëtzebuerger Dictionnaires, wëssenschaftlech Dictionnaire vum Lëtzebuergeschen. Or, déi musse Moyene kréie fir dat ze maachen! Do brauche mer Spezialisten, do brauche mer Linguisten. Mir brauchen also Chercheuren, déi esou Banques de données opstellen, an déi Banques de données mussen och de Wëssenschaftler, déi am Lëtzebuergesche sichen a schreien a studéieren, zur Verfügung stoen. Also dat geet net mat engem Comité, deen heiandsdo e Jeton kritt, a mat allem Engagement, deen dee Comité huet. Dat wollt ech awer hei lassginn, well ech fannen, dat ass eng wichteg Dimensioun och vun der kultureller Aktivitéit an der Zukunft.

Dat gesot, Här President, si mir selbstverständlech mat deemem Projet d'accord, well et enger ganzer Partie Leit hir Situatioun régulariséiert an hinnen eben dann och eng zolidd Situatioun gëtt. Ech wollt awer net ofschléissen, Här President, ouni der Rapportrice, der Madame Stein, merci ze soe fir hire Rapport, dee ganz ausféierlech an och ganz detailléiert ass. Ech wollt natierlech och d'Politesse renvoyéieren, wéi een esou schéi seet. D'Madame Stein war jo Presidentin vun der Kommissioun vum Enseignement supérieur, der Recherche an der Kultur. Si huet dat mat ganz vill Gentillesse a ganz vill Gedold gemaach, muss ech soen.

Mir hunn och allerdéngs an där Kommissioun schwéier a laang Gesetzer duerchgeholl, déi méintelaang gedauert hunn, wou och d'Fonctionnaire vum Ministère an och d'Madame Minister ganz vill dobäi gehollef hunn, a mir hu vill un deene Gesetzer geännert, well ech soen. Mir hu se an der parlamentarescher Aarbecht transforméiert, zwar net ëmmer esou wéi ech mer et finalement virgestallt hunn, mä déi parlamentaresch Aarbecht war awer do, an dofir wollt ech deene Leit, besonnesch och der Madame Presidentin, an deenen aneren, déi dorunner matgeschafft hunn, natierlech de Kolleegen an de Kolleginnen aus där Kommissioun, merci soen.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Alexandre Krieps agedroen. Den Här Krieps huet d'Wuert.

M. Alexandre Krieps (DP).- Merci, Här President. Dir wäert gesinn, Dir Dammen an Härën a Madame Minister, dass ech haut vill manner kritisches sinn, wéi ons DP-Kolleegen am Joer 1988 - ech liesen lech herno e puer Wuert vun deenen no -, well den Här Hubsch huet deemools am Dezember 1988 gesot, et wier eng Erhéijung vun den Effektivitéit virgesinn, dat heescht d'Zuel vun deene Leit, déi an deene fënnef - deemools waren et der fënnef - Kulturinstituter schaffen, soll erhéicht ginn, de Personalkader gëtt also nei definéiert. De fënnette Punkt vu senger Aussoe war deemools, dat ass warscheinlech deen delikaatst Problem, de Statut vun deem Personal, dat an de leschten 20 bis 30 Joer als Privatbeamten oder Aarbechter agestellt ginn ass, soll régulariséiert ginn.

Also et kann een aus där Ausso haut soen, dass näischt ënnert der Sonn nei ass. Wat och deemools bedauert ginn ass, dat ass dass de Centre national audiovisuel en extrat Gesetz kritt hat, dass awer misst méi Gewicht op d'Recherche geluecht ginn an eng effikass Fuerschungsaarbecht sollt gemaach ginn.

Den Här Meintz hat am Fong gesot, dass d'Diskussioun am Fong geholl nëmmen ëm d'Personal, ëm de Fonctionnement, dat heescht d'Strukture vun deenen Instituts culturels gedréit hätt. Anerer haten deemools fonnt, dass Waasserkäpp geschafe gi wären, woubäi een net vergiesse sollt, dass an der Vergaangenheet jiddereem matgeschafft hat, fir déi Waasserkäpp ze kreéieren. Hien hat eng ganz staark Ausso gemaach, well en huet deemools gesot, et géifen „kloer liddie feelen iwwert déi relativ Stellung vun all deenen eenzelnen Instituter par rapport vun engem zum aneren a par rapport zu enger globaler Gesamtkulturpolitik“. Also dat ass schonn eng staark Ausso gewiescht.

Ech schounen lech elo gläich mat deenen Aussoe vun deemools. Den Här Kohnen hat eng gesot, déi och interessant ass. Als fréiere Minister vun der Fonction publique huet e behaapt, dass d'Kulturpolitik soll dezentral vum Stat a vun de Gemengen als Katalysator gefouert ginn an et misst op déi vill kulturell Associatiounen zrëckgegraff ginn, déi uechtert d'Land bis elo eng gutt Aarbecht geleescht hätten. „Dofir well meng Partei“ - huet den Här Kohnen deemools gesot - „all normativ“ - deen Terme ass de Mëtteg hei scho gefall - „an dirigistesche Aggréif an eist Kulturliewe verënnern.“

An deemools hat och d'Chambre des Fonctionnaires scho geschriwwen: «Il rentre dans les missions de l'État de favoriser la vie culturelle sous tous les aspects, non de l'étatiser ou de l'officialiser.»

Une voix.- Très bien.

M. Alexandre Krieps (DP).- De Conseil d'État hat och deemools un d'Regierung geschriwwen, dass keng allgemeng Konzeptioun a Bezuch op d'Fonctionarisatioun vun den Employéen am Déngscht vum Stat géif bestoen - dat huet sécherlech och bis haut net vill geännert - an dass dee jee-weilege Recrutement misst op dem deemolegen Artikel 2 vum Statut général des Fonctionnaires virgeholl ginn. Ech géif de Kolleegen an der Chamber och eng aner Artikelsérie recommandéieren, déi dese Mee publizéiert ginn ass am Forum vum Här Michel Pauly, dee sän Artikel, wat e ganz interessanten Artikel ass, ufänkt, andeem dass en ons Kulturministerin Erna Hennicot-Schoepges lueft, mat Recht lueft, well hire Bilan säit 1995 ganz impressionant war.

(Interruption)

Jo, de Pei. Hien zielt all déi Réalisatiounen op. Ech ginn elo net an den Detail, mä et ass ganz interessant.

Hie schwätzt och dofir, dass déi Employéen, déi an deene Kulturinstituter geschafft hätten „die verdiente Übernahme“ net zougeséiert kritt hätten, dat war deemools, wéi en dat geschriwwen huet, nach net sécher. En huet natierlech och geschwat vun dem Nationalarchiv, well keng Réglementatioun bestéing, dass d'Verwaltungen an d'Ministèren obligéiert wären hir Dokumenter dem Nationalarchiv ze iwwerstellen. Dat ass eng Saach, déi och schonn an der Budgetkontrollkommissioun virun dräi, véier Joer diskutéiert ginn ass, déi Zäit wou nach eng ganz Rei Konten zum Beispill op dem SIDOR a Flugstëbs zermuelt gi sinn, mä ech mengen, et ass ganz wichteg, dass d'Mémoire administrative bestoe bleift.

An en huet och gesot, dass hien d'Tendenz hätt ze gleewen, well et am Nationalarchiv u Leit géif feelen, se éischter géifen déi nei Aufgaben ofwieren - ech loosse him d'Verantwortung vun där Ausso - an an dem Nationalarchiv géifen Informatiker feelen an der Opleschtung vun der Personalopstockung. Hie seet, mam Neibau zu Bielese géif et kloer ginn, dass et fir déi Leit, déi an deemem Gesetz virgesi wären, net géif duergoen.

Eng interessant Ausso huet e gemaach, dass d'Archivare misste méi qualifizéiert sinn, wéi et am Fong virgesinn ass, an en zitéiert do de Kommunalarchiv vun der Stad Lëtzebuerg, wou virgesi war, eng Ofwärtungstendenz ënner Drock ze setzen, bei der Astellung vun neien Archivaren. D'Bibliothécairen, seet en och, misste vill méi polyvalent sinn, se missten net nëmme gutt sinn an dem Bibliothékwiesen, mä si missten doniewent nach Spezialisatiounen hunn: Medezin, Geschicht, Physik, Philo, Informatik, Romanistik an esou virun. Beklot ass och ginn, och an der Kommissioun, déi Interface tëschent der Bibliothéik vun der Uni Lëtzebuerg a vun der Bibliothèque nationale gräift iergendwéi nach net ganz - d'Madame Minister seet ons vläicht e Wuert doriwwer.

Wëssenschaftlech Assistenten, déi an der Archeologie zum Beispill virgesi sinn, hu véier Joer Uni, an déi ginn an der Carrière moyenne agestuft. Ongekläert bleift och eben déi Zesummenaarbecht tëschent der Uni Lëtzebuerg an dem nationale Musée. Wat d'Festungsgeschicht ubelaangt, do well ech net agräifen. Beim Musée vun der Festungsgeschicht ass d'Délimitatioun nach net ganz kloer an de Missiounen.

Mir wëssen alleguerten, dass verschidden Nopere vum Festungsmusée Aen op dee Festungsmusée hate fir sech auszedeenen - vun dem Musée d'art moderne erof op de Festungsmusée -; ech mengen dat wäert och net haut misse beäntwert ginn, mä op alle Fall an der Zukunft ass dat noutwendeg.

Den Här Pauly, deen ech nach ëmmer hei zitéieren, hält net ganz vill vun dem „Sites et Monuments“-Komplex, déi hir historesch Inkompetenz méi wéi eng Kéier ënner Beweis gestallt hat - dat schreift en hei textuell an ech huelen dozou keng Stellung.

Wat interessant ass, dat ass déi Enseignementsattitüd. Déi ass och nach net fixéiert, well och mat der Uni Lëtzebuerg d'Erkenntnisser, déi verschidde Leit an deenen Instituts culturels gewanne kéinten, kéinte se och als Enseignant virun droen, zum Beispill am Kontext vun der Uni Lëtzebuerg.

Mäi Virriedner, den Här Fayot, huet geschwat vum Conseil national du livre. Ech erënnern drun, dass mer do säit 1998 e Règlement grand-ducal haten, wou sollt e Rapport annuel gemaach ginn. Ech weess net: Sinn déi Rapports annuels gemaach ginn? Wat ass dorausser concluéiert ginn? Ech kann lech dat hei net soen. E bedauert och, dass d'Mosaik vu Vlichten am Ausland net bekannt war, genau wéi dem Edward Steichen seng Fotosammlung zu Klierf. Dat sinn also d'Detailer.

Ech ginn net weider an op d'Kritik vum Conseil d'État, zwou oder dräi schéng mir relativ interessant ze sinn. Déi éischt, dat ass: An deem Gesetz ass virgesinn, eng Conférence des directeurs ze maachen. Dat ass e bësse kritiséiert gi vum Conseil d'État. Wichteg war dat zwar, wann een d'Aufgaben ofdeele géif, zemools am Hibleck vum Kulturjoer 2007. Et war doudsécher wichteg, wann déi Direktere géifen iergendwéi en zusammenstellend Bild maache vun hirer Missioun. Dat nämlecht géllt bei der Kritik vum Conseil d'État un der Commission d'accompagnement bei deene verschiddenen Direkteren, wou de Conseil d'État regelrecht fäert, dass déi Commission d'accompagnement deenen Direktere géif iwwert d'Schéller kucken. An och fäert de Conseil d'État, well eng ganz Rei Règlements grand-ducaux virgesi sinn, dass déi am Fong eng Dilutioun vun de Missiounen vun deser Loi organique erviruffe wäerten.

Leschtlech wollt ech awer soen, dass dat heite Gesetz e positivt Gesetz ass, well et eng besser Strukturatioun an eng Opwärtung vun all deenen Instituts culturels mat sech bréngt, d'Offre éducative doudsécher vergréissert gëtt, an historesch gesäit een och, dass d'Ofsplécke vum naturhistoresche Musée vum Musée national doudsécher an där Hissiicht vill bruecht huet am éducative Beräich - ech erënnern un all déi Schoulen, déi an de Grond pilgeren. Den Accès au public ass doudsécher verbessert. D'technologesch Adaptatioun vun deenen Instituter gëtt och elo viru gedriwwen, d'Prozedure gi verbessert, d'Recherche an den Enseignement ginn héchstwahrscheinlech favoriséiert, an ech gleewen och, dass déi Mémoire administrative, déi mer ugesprach hunn, heiduerch besser gëtt, quitte dass ee mengt, dass nach méi Leit missten hei agestellt ginn.

A leschtlech drécke mir als Demokratesch Fraktioun de Wonsch aus, dass och tëschent deenen Instituter eben eng Kohärenz an der Kulturpolitik erreecht gëtt, a fir dass onsem Public, onse Matbierger, Lëtzebuerger an Auslänner, de Goût vun der Kultur iwwerdroe gëtt.

Ech soen lech merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Fernand Greisen agedroen. Den Här Greisen huet d'Wuert.

M. Fernand Greisen (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Härën. „Die nicht realisierte Verwaltungsreform“, esou ass en Artikel zu deemem Projet tituléiert - en ass schonn hei genannt ginn -, deen an der Zäitschrëft „Forum“ vun deemem Mount steet. Domadder ass een Deel vum Problem definéiert, dee sech bei deemem Projet gestallt huet an deen och net geléist gëtt mat deemem Text.

Richtig gesi gëtt mat deemem Projet, ausser der gesetzlecher Unerkennung vun zwee staatleche Kulturinstituter, déi scho méi laang funktionéieren, nëmmen déi schlecht Personalpolitik vun der Regierung régulariséiert. Déi wichtigst Problemer, wat d'Kultur an hir staatlech Instituter ubelaangt, wéi Organisatioun, Zesummenaarbecht, Aufgaben, Finanzéierung vum Personalbedarf, gëtt net am Fong ugeschwat oder geléist.

Dese Projet vun der Réorganisatioun vun de staatleche kulturellen Instituter ass vun der Majoritéit iwwert de Knéi gebracht ginn. Dofir fannen ech nëmmen zwou Erklärungen. Éischstens, well et an der Regierungserklärung 1999 ugesot war, ass kuerz viru Schluss vun der Legislaturperiod nach séier eppes virgeluecht ginn. Zweetens, well verschidde Persounen aus der Branche eppes versprach kritt hatten, gëtt versicht d'Personalproblemer ze léisen, sou wäit wéi et ënnert dem starre Beamtestatut méiglech ass.

Dir Dammen an Dir Härën, dass des Reform net nëmmen an eisen Ae schwach ass, soen och anerer. Sou steet zum Beispill am Avis vun der Statsbeamtekummer Folgendes, ech zitéieren: «L'exposé des motifs reste plutôt vague lorsqu'il s'agit de justifier la nécessité de la réforme envisagée.», a méi spéit: «...sauf certaines modifications à introduire aux niveaux des missions, des structures et du cadre du personnel (...). Le reste du texte n'est que feuille de vigne.»

D'Chamber fënnt et dann och nach onerklärlech an diskutabel, dass den Uwuess vu bal 29% vum Personal innerhalb vun dräi Joer virgeholl ginn ass. Besonnesch schockéiert ass des Chamber iwwert d'Tatsaach, dass des Astellungs-politik géint d'Aussoe vun der Regierung leeft a wäit iwwert de Kader vun de gesetzleche Méiglechkeeten erausgangen ass. D'Statsbeamtechamber nennt d'Kand

mam Numm a seet kloer an daitlech, dass d'Regierung domat an der Illegalitéit ass.

Dir Dammen an Dir Härën, d'Schlussfolgerungen, déi des Chamber ziit am Zesummenhang mat den Astellungen, des Schlussfolgerunge si bemierkenswäert. Éischstens léisst si mol der Regierung d'Responsabilitéit fir d'Opbloese vum Statsapparat, do steet wuertwärtlech „gonflement“. Zweetens, si freet sech, ob hei d'Prioritéite vun der Regierung richtig gestallt sinn, wa scho méi Leit agestellt ginn. Drëtzens, si freet sech dann och, wéi d'Regierung dest Virgoen an Aklang brénge ka mat hirer eegener Décisioun, keng weider Astellungen an d'öffentlech Funktioun virzehuelen. Souwäit den Avis vun der Statsbeamtekummer.

Dir Dammen an Dir Härën, déi falsch Prioritéite vun deser an der viregter Regierung huet den ADR scho méi oft missen ervirhiewen. Dorop brauch ech net nach eng Kéier zrëckzekommen. An och déi grouss Zuel vu Gebaier fir de kulturelle Beräich loosse net drop zrëckféieren, dass an der Kulturpolitik eppes Wesentlechtes fir d'Kultur an d'Kulturschaffend am Land selwer hei an deene leschte Jore gemaach ginn ass.

Fir net falsch verstanen ze ginn: Den ADR ass fir eng richtig verstanen staatlech Kulturpolitik, grad och an deene Beräicher, déi an den Instituter vun deemem Projet ugeschwat ginn. Den ADR ass och der Meenung, dass de Stat sech esou eng Kulturpolitik eppes kaschte loosse muss an dëst da mat Steiergelder och ënnerstëtzt. Mir fannen et och richtig, dass genuch a richtig Fachleit am Beräich agestellt ginn. Mä mussen et da vereedegt Statsbeamten ënnert dem rigide Statut sinn, déi des Politik ausféieren oder beroden? An domat si mer beim Ufank vu menger Ried ukomm: „Die nicht realisierte Verwaltungsreform“.

Wou ass déi ugekënnegt Verwaltungsreform?

(Interruptions)

Eng Reform, déi des onméiglech Virgehensweis vun der Regierung an der Personalpolitik vun de kulturellen Instituter onnéideg gemaach hätt. Eng Reform, déi et eiser Kultur géif erlaben, op motivéiert a gutt bezuelte Fachleit aus alle Beräicher kënnen zrëckzegräifen, ouni dass d'Regierung géint d'Gesetzer verstéisst.

D'Aarbechtsrecht an d'Aarbechtsbedingunge vum Employé privé ginn de meeschte Persounen hei am Land op hirer Schaff zougemutt. Si si menger Meenung no net schlecht a kënneng ganz sécher och de Kulturschaffenden zougemutt ginn. Et gëtt also keng Ursach hei fir d'Regierung, fir Extrawurschte fir Einzelner ze broden.

Weisou kann eng Persoun ënnert dem Privatebeamtestatut keng gutt Aarbecht leeschten, esou wéi d'Regierung et seet?

Dir Dammen an Dir Härën, mat desen Aussoe well ech kloer maachen, dass den ADR net mat deemem Projet averstane ka sinn. Den ADR weess, dass vill vun den elo betraffene Persounen, déi fir eis national Kultur tätég sinn, eng aussergewöhnlech gutt Aarbecht geleescht hunn. Et ass awer sécherlech net richtig, dass elo verschiddener vun hinne vun der Regierung mat deemem Projet iwwert d'Käpp vun hire Kolleegen an d'Hierarchie vum Statsdéngscht eragesat ginn. A wann des Persoune vu verschiddene Politiker Versprache gemaach kruten, wat hir Carrière oder hire Verdéngscht ugeet, da sinn dofir des Politiker haftbar an déi däreften dat net op d'Allgemengheet ofwälzen. Wann dese Projet sollt wichteg si fir eis Kultur, esou wéi d'CSV eis hei gleewen deet, dann deet et mir Leed fir alles, wat de Stat mat Steiergelder bis elo geleescht huet.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Als leschten Diskussiounsriedner ass d'Madame Dagmar Reuter-Angelsberg agedroen. D'Madame Reuter huet d'Wuert.

Mme Dagmar Reuter-Angelsberg (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och ech soen der Rappro-trice merci. Si huet eis an aller Pre-zisioun déi positiv Aspekter vun dësem Projet de loi duergeluecht.

Ech wëll hei nach eng Kéier ën-nersträichen, dass mir Gréng dëse Projet stëmme wäerten, dass mer awer trotzdeem op déi zwee Ge-sichter vun dëser Réorganisatioun wëllen hiweisen.

Bleiwe mer awer fir d'éischt mol bei deenen Aspekter, fir déi mer hof-fentlech hei am Haus haut eng breet Majoritéit fannen. Dës Insti-tuts culturels de l'État, déi ech hei net nach eng Kéier all wëll opzie-len, ware bei hirer Schafung viru Jore guer net esou onëmstridden. Et kann een awer soen, dass si all eng beachtlech Entwécklung mat-gemaach hunn, hiert Aufgabefeld ëmmer méi erweidert a bis haut sou eng wäertvoll Aarbecht ge-leesch hunn, dass se aus eise-m kulturelle Liewen hei am Land net méi ewechzedenke sinn. Den na-tionale Kulturbilan wier sécher vill manner gutt gefëllt, wann do net déi villfälteg an uspriedchend Akti-vitéite vun dësen Zentre wieren.

Dat géllt sécher och besonnesch fir de CNA a fir den nationale Lite-raturzentrum, déi jo no 1988 bei déi aner fënnf dobäikomm sinn an déi elo hire volle legale Statut definitiv kréien. De Beitrag vun alle siwen zum Patrimoine culturel kann net genuch ënnerstrach ginn. Hir Akti-vitéite reeche vu wëssenschaft-leche Recherchen iwwer Sensibili-séierung mat neien Initiativen, wéi zum Beispill „Nuit des musées“, bis hin zu Educatioun a Formatioun, esou wéi hir Missioun och defi-néiert gouf.

Et muss een dobäi soen, dass vill vun dësen Aktivitéiten nach guer net ëmmer esou an der Öffentlech-keet bekannt sinn, sief et well dës Instituter eng wichteg Basisaar-becht a Recherche musse leeschen, déi esou net un d'grouss Klack gehaange gi kënnen, sief et awer och well et insgesamt net einfach ass fir dës Instituter, dass si hir Aar-becht an enger oft iwwerkommer-zialisierter Fräizäitwelt iwwerhaupt gebührend erausstelle kënnen an dass dës Aarbecht zu Onrecht net ëmmer op genuch Interesse stéisst.

Well de Wäert vun hirer Aarbecht awer esou wichteg ass, kann ee sech engersäits bei dësem Projet de loi freeën, dass elo der wues-sender Bedeitung vun dësen Insti-tuter Rechnung gedroe gëtt an dass wichteg Aspekter reorgani-séiert ginn an eng ugepasste legal Basis kréien, dorënner ënner ane-rem wichteg Personalfroen, déi endlech régulariséiert ginn.

Anerersäits muss een awer och be-dauern, dass d'Regierung grad bei dëse Personalaspekter net méi wäit gaangen ass, fir de Personal-volet nach weider opzestocken a mat engem Maximum vun optimal qualifizéierte Leit ze besetzen. Hei hätte mer eis méi eng grouss Grosszügigkeet a Flexibilitéit gewënscht, wat d'Regulariséierung vu Leit betrëfft, deenen hiren Asaz erwisenermoossen zënter enger ganzer Zäit gebraucht gëtt an deem och nach méi valoriséiert an unerkannt misst ginn. Mir verstinn, wat fir Ursaachen dohanner stinn, kënnen a wëllen eis awer net ënner anerem mat den ekonomesche Be-grënnungen zefridde ginn.

Och wa muncheree bedauert, dass ze vill iwwer Personalfroen an net genuch iwwert d'Missioun an de

But vun dësen Instituter geschwat ginn ass, muss een deem entgéint-halen, dass et sech ouni quali-fi-zéiert Personal nëmme schlecht schaffe léist. Mat deenen neie Si-ten, déi verschidden Instituter elo kréien, wéi d'Nationalarchiven op de Frichë vu Belval-Ouest oder d'Nationalbibliothéik um Kierch-bierg, wuessen hir Méiglechkeete weider. Wann een dann drun denkt, dass all dës Instituter am Zesum-menhang mat der Uni Lëtzebuerg weider an hirer Bedeitung klamme wäerten, da muss een akzeptéie-ren, dass dat net ouni deen néide-ge Personalbestand geet an dass dës Instituter sech hir nei Mataar-bechter och mussen do sichen, wou se se fannen.

Déi wuessend Bedeitung vun dë-sen Instituts culturels géllt natier-lech kuerzfristeg och fir d'Kulturjoer 2007, dat guer net méi esou wäit ewech ass a bei deem sécher och erëm un där hir Mataarbecht an hi-ren Asaz geduecht gëtt. Schliess-lech wëlle mer jo och als Kulturre-gioun weise wat mer hunn. Et bleift also nach vill ze maachen, a mir Gréng sinn och iwwerzeegt, dass mer deemnächst och nach iwwert d'Weiderupassungen an der Ges-tioun vun eisen Instituts culturels wäerten nodenken. Fir de weideren Opschwonk vun dësen Instituter ze ënnerstëtzen, ass dëse Projet de loi e wichtige Schrëtt. Duerfir stëmme mir Gréng dee Projet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Kulturministesch, d'Madame Erna Hennicot-Schoepges.

Mme Erna Hennicot-Schoepges, Ministre de la Cul-ture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass fir d'éischt fir mat de Mercien un-zefänken. Ech wëll mäin éischte Merci un d'Madame Presidentin vun der Kommissioun an un all Membër vun der Kommissioun vun dëser Chamber richten, déi iwwert déi fënnf Joer, wou ech mat hin-nen zesumme geschafft hunn, iwwer schwiereg Projeten, eng gutt Atmosphär an hirer Kommissioun haten, an ech menge mir konnten zesammen eng gutt Aarbecht maachen am Interesse vun der Kultur, am Interesse vum Enseignement supérieur an am Interesse vun der Fuerschung.

Ech si besonnesch frou, dass dëse Projet nach konnt gestëmmt ginn, well et ass ganz bestëmmt net ee grouse Worf. Et ass och kee Meeschterwierk. Et ass net d'Änt-wert op all Froen, déi sech stellen. Et ass dat wat een an der Politik heiansdo esou batter erfiert, dass et eben d'Konscht vun deem Mach-baren ass, an ech gi mech gär ze-fridde mat deem wat mer hei er-reecht hunn. Et ass e Schrëtt an déi richteg Richtung. Et ass net déi Fräiheet, déi mer gewënscht hätte fir eis Kulturinstitutur.

Am Ufank hate mer jo och ugefaan-gen iwwer eng Formule vun Éta-blissements publics ze diskutéie-ren. Dat alles huet awer an der Zwëschenzäit e lichten Dämpfer kritt bei där allgemenger Skepsis géint iwwer den Établissements pu-blics, déi sech agestallt huet. Ech wëll merci soe menge Mataarbech-ter aus dem Ministère, déi vill un dësem Projet geschafft hunn, well et ass e komplizéierte Projet all Kéiers wann et hin an hier geet, a mir hunn eis natierlech beméit bei de Personalfroen, och do keen ze vergiessen an och op deem Gebitt ze akzeptéieren, dass mer net méi konnte maachen. Et ass ëmmer e Kompromëss, deen engem einfach dat wat wëschenswäert ass mat deem wat machbar ass géint iwwerwerstelt an dann hält een alt dat wat ee kritt an et ass een domad-der zefridde.

Ech wëll awer merci soe virun al-lem eise Kulturinstitutur, well vill Leit si sech jo net bewosst, dass déi Kulturinstitutur e Service public

sinn an datt si eng Aarbecht maachen, déi net der Aarbecht vun normale Fonctionnaires, normalen Administratiounen entsprécht. Hei geet et drëm fir och sonndes ze schaffen, hei geet et drëm fir emol owes ze schaffen, hei geet et drëm fir flexibel ze sinn, an hei hunn d'Leit an allen Instituter vun engem groussen Engagement Bewäis er-bruecht, well soss hätten déi vill Manifestatiounen, déi stattfonnt hunn, net kënnen stattfannen. Wa mer u Verschiddener denken, déi mat enger minimaler Personalde-cke funktionéiert hunn an et awer fäerdeg bruecht hunn, Ausstellun-gen a Colloquen ze maachen, dann ass dat natierlech eng grouss Eerausfuerderung gewiescht fir si.

Dofir de Merci un all déi, déi sech ganz engagéiert an den Déngscht vun der Kultur gestallt hunn, déi versicht hunn hiert Beschte ze maache fir als Services publics ze funktionéieren, déi selbstverständ-lech och gewënscht hätten d'Ou-vertureszäite kënnen auszede-hnen, déi selbstverständlech och gären nach méi hir Haiser opge-maach hätten, mä déi sech awer gestouss hunn u deene Regeln, déi nun eemol déi si vun der Perso-nalpolitik beim Stat.

Mir mussen natierlech och dobäi soen, datt an de vergaangene Jo-ren ze soen all Kulturinstitutur nei Gebaier kruten. Dat huet ugefaan-ge mam „natur musée“, wou ee ge-sinn huet wat en neit Gebai fir e Succès bréngt, well wierklech do kann ee vu reellem Succès schwätzen. Datselwecht beim Musée na-tional d'histoire et d'art, och déi hunn en neit Gebai, si hunn awer net hiert Personal esou op dat neit Gebai adaptéiert kritt, wéi dat hätt misse sinn. Et ass och e Gebai wat vill Succès huet. D'Archiven hunn en neit Gebai an Aussicht, an d'Fiche financière, déi beim Bau bälouch, huet och opgeléscht wat d'Direktesch sech alles virstellt un zousätzlech Personal wat do gebraucht gëtt.

Datselwecht fir de CNA, deem säin neit Gebai am Chantier ass. Fir de Centre national de littérature ass virgesinn, dat Nopeschhaus wat drun ustéisst och nach als Annexe auszebauen, esou datt do och d'Plaz méi grouss gëtt. Da bleift de Service des Sites et Monuments, dee relogéiert ass an Neimünster, an dann hu mer natierlech d'Biblio-thèque nationale wou den Avant-projet de loi aus dem Bauteminis-tère fort ass, fir nach der Regierung virgeluecht ze ginn. Dat gesot hu mer also domadder eng nei Situa-tioun, an ech wëll do an Aussicht stellen, datt e Personalproblem op déi nächst Regierung duerkënnt, well mer sollen eis keng Illusiounen maachen, deen ass mat dësem Gesetz nach laang net geléist.

Ech wëll dann awer op déi ver-schidde Froen agoen, déi hei ge-stallt gi sinn. Also wann de Perso-nalbestand och an d'Luucht gaan-gen ass, wann hei fonnt gëtt, e wier enorm an d'Luucht gaangen, oder wann d'Chambre des Fonctio-nnaires dat fënn, da muss ee soen, bei 58 Leit insgesamt ass eng Augmentatioun vun 28% en Drëttel. Jidderee ka sech ausrechnen, wéi vill dat der sinn. Kleng Zuelen a Prozenter, déi vergréissere sech och nëmme mat klengen Unitéiten, esou datt leschtenenns awer de Personalbedarf nach ëmmer staark ass.

Ech ginn lech nëmme e Beispill. Mir haten am Numerus clausus 2004 49 Posten ugefrot kritt vun ei-se Kulturinstitutur, 49 Posten. Mir hu kee kritt. Dat heescht 49 Poste sti scho vu vireran op der Lee, an ech géif mer wënschen, datt eng nächst Regierung dat géif maache fir d'Kultur, fir d'Kulturinstitutur, wat se gemaach huet an de Beräicher vun der Justiz, an de Beräicher vun der Police, an de Beräicher vun der

Educatioun, wou vu virera gesot ginn ass, mir maachen e plurian-nuellen Entwécklungsprogramm, wou da mol all Joer dee Beräich eng gewëss Zuel vu Poste kritt, fir datt mer emol eng Kéier nokom-men.

Och d'Gesetz vun 1988 huet sech mat deene Problemer befaasst a ganz dacks war et esou, datt d'Kul-turinstitutur d'Récipiendairé ware vu Leit déi iergendwéi sollte pla-ciéiert ginn. Dat ass haut net méi de Fall. Ech mengen haut stellen déi fachlech Kompetenze vun alle Leit déi do sinn héchst Uspréch u si, an dofir ass eng seriö Personalpolitik nëmme méiglech wann een och eng seriö Planifikatioun ka maachen. Dat ass also fir eng nächst Regierung.

Et ass dann hei gefrot ginn, firwat net d'Gesetz iwwert d'Archiven och an dësem Projet de loi intégréiert wier. Ech mengen eis nei Direk-tesch ass amgaang un engem Ge-setz fir d'Archiven ze schaffen. Well mir brauchen e grondleeënd neit Gesetz iwwert de Problem vun den öffentlechen Archiven hei am Land. Do muss mer en extrat Gesetz maache wat déi dote Saache re-gelt. Do besteet schonn e Groupe de travail, gradesou fir eis Natio-nalbibliothéik, déi och en neit Ge-setz muss kréien, wou hir Roll ganz kloer definéiert gëtt als d'Univer-sitéitsbibliothéik, awer och als Biblio-théik, déi vernetzt.

Woubäi ech dann awer zur Univer-sitéitsbibliothéik wëll soen, datt och um Site Belval eng Bibliothéik vir-gesinn ass; eng Bibliothéik, déi eng Bibliothèque scientifique ass. Ech denken, datt mer do an engem Zäitalter vun der Kommunikatioun a vun den neien Technologie mat Kommunikatioun vun enger Biblio-théik zur anerer op e puer Kilome-ter kee Problem dierften hunn. Et ass natierlech esou, datt e Site uni-versitaire och eng Bibliothéik muss hunn, woubäi dann d'Opdeelung teschent der Universitéit an der Nationalbibliothéik muss gekläert ginn.

Den Här Fayot huet dann d'Fro vum CPLL ugesprach, an ech muss soen, do hu mer mat engem Gremium, deen no ville Virgänger-gremien, no ville Comitéen, déi vir-drü waren an ouni Succès mat hi-rer Aarbecht virukomm sinn, well leschtenenns ëmmer nees Proble-mer opgetaucht sinn oder Perso-nalproblemer waren, andeems d'Leit dann ofgewandert sinn. De CPLL huet seng Aarbecht gefes-tegt an och permanent Leit age-stallt.

Well d'Zil fir d'Lëtzebuergesch ze festegen, dat muss si fir an der Uni-versitéit en Institut fir d'Lëtzebuer-gesch ze maachen. Déi Demande hunn ech un d'Universitéit gestallt an ech hoffen, datt d'Universitéit geschwënn där doter Demande kann nokommen. Well mir musse villes, wat d'Formatioun vum Lëtze-buergeschen ugeet, klären. Mir mussen en eegene Lëtzebuerges-chen Diplom maachen. Dee kann nëmme d'Universitéit maachen. Mir mussen dann och Recherche maachen a mir kënnen déi Aar-becht, déi am CPLL sech ëm den Dictionnaire dréint, zum Beispill vernetze mat deem wat da vu Chercheuren op der Universitéit gemaach ka ginn. Dat ass eng ganz, ganz wichteg Aarbecht, an ëmmerhin kann ech fir mäin Deel de Leit vum CPLL nëmme merci soen, well si hunn eng gewësse Rou an dat Ganzt bruecht a si hunn och vill opweises wat ganz positiv ass a wat dem Lëtzebuergesche virugehollef huet.

Et kann een natierlech bei allen Instituter deen een oder anere Schwéierpunkt ervirsträichen. Ech mengen, eng nächst Regierung misst ganz besonnesch de Beräich vun der Archeologie an eise-m naturhistoresche Musée konsequent an duerschuecht ugoen. All déi Sites archéologiques, déi mer hunn an eise-m Land, ginn natierlech be-gleet mat engem Minimum vu Per-sonal. An dat huet natierlech och

zu Problemer gefouert bei Perso-nalastellungen, well wann e Chan-tier op ass an et muss gegreuwe ginn an den Entrepreneur steet do ze waarden, datt se da mat deene Gruewunge fäerdeg sinn, da kann ech mer net virstellen, datt en Di-rekter seet, elo muss ech awer nach waarde bis d'nächst Joer e Posten ausgeschriwwen ginn ass an ech en Archeolog kréien. Da geet en hin a mécht e Contrat d'expert mat engem Archeolog, fir datt dee Chantier virugeet.

An där Urgencen hu mer ëmmer méi. Dat ass och d'Explikatioun fir-wat dann eng Partie Leit op Contrats d'expert ganz laang sëtze bliwwen sinn.

Mir mussen also deen dote Beräich an eise-m Musée d'histoire et d'art verstärken, gradesou wéi mer en am Beräich vu Sites et Monuments musse verstärken. Woubäi ech lech net brauch ze soen, datt eng Verwaltung wéi Sites et Monuments mat 11 Leit net alles dat ka maache wat an engem Gesetz, wat hei an Ärer Kommissioun laang a gutt be-handelt ginn ass, dat leider net méi zur Ofstëmmung komme konnt, ge-frot gëtt. Et kann ee sech net vir-stellen, datt all déi doten Obliga-tiounen mat 11 Leit ze maache sinn. Also do huet jidderee seng Gren-zen.

Mir hunn domadder eng Situatioun verbessert. Mir hunn net den opti-male Stand vun enger Personalpo-litik erreecht. Mir konnten awer ëmmerhin d'Situatioun vu ville Leit, déi scho gutt zéng Joer laang op hir richtig Pai waarden, déi hinnen zousteet opgrond vun hirer Forma-tioun, hei regelen. An ech soen zum Schluss dann der Chamber mäin häerzleche Merci, fir datt dëst Gesetz nach konnt gestëmmt ginn. Ech soen iwwerhaupt merci fir déi gutt Zesummenaarbecht iwwert déi lescht fënnf Joer.

Merci.

M. le Président.- D'Diskus-sioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Arti-kele vum Projet de loi a mir stëm-men driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Nico Loes)

D'Artikelen 1 bis 32 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, domad-der kéime mer dann zum Vote vum virleiende Projet 5215.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmme mat Jo, déi der-géint si mat Neen oder si enthalte sech

De Projet de loi 5215 ass ugeholl mat 45 Jo- a 6 Nee-Stëmme.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, MM. Marcel Glesener (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Hals-dorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par Mme Nelly Stein), MM. Patrick San-ter (par Mme Nancy Arendt), Mar-cel Sauber (par M. Laurent Mosar), Marco Schank (par M. Nico Loes), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Fred Sunnen (par M. Paul-Henri Meyers), Lucien Weiler (par M. Jean-Marie Halsdorf) et Claude Wi-seler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xa-vier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Maggy Nagel (par Mme Agny Durdu), MM. Jean-Paul Rippering (par M. Alexandre Krieps), Marco Schroell et John Schummer;

M. Jean Asselborn (par M. Ben Fayot), Mmes Mady Delvaux-Stehres, Lydie Err (par Mme Mady Delvaux-Stehres), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer (par

Mme Lydia Mutsch), Georges Wohlfart (par M. Jean-Pierre Klein) et Marc Zanussi;

MM. François Bausch, Camille Gira (par Mme Renée Wagener), Jean

Huss et Mme Renée Wagener; M. Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Jean Colombe-ra, Gast Gibéryen (par M. Aly Jaerling), Fernand Greisen, Jacques-

Yves Henckes (par M. Jean Colom-bera), Aly Jaerling et Robert Meh-len (par M. Fernand Greisen).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domat wiere mer um Enn vun eiser Sit-zung ukomm. Déi nächst Sitzung

ass e Freideg, den 21. Mee a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.02 heures)

Ordre du jour

1. Demandes en naturalisation
2. Résolution de M. Jeannot Krecké relative à l'organisation de la Cour des Comptes
(Présentation - Discussion générale - Vote)
3. 5147 - Projet de loi modifiant
 1. la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales;
 2. le Code des assurances sociales
(Rapport de la Commission des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement - Discussion générale - Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
4. Résolution modifiée de M. Jeannot Krecké relative à l'organisation de la Cour des Comptes (suite)
(Discussion générale - suite - Vote)
5. Discours de clôture de la session 2003-2004
6. Hommage à M. le Président Jean Spautz et octroi du titre honorifique de Président d'honneur de la Chambre des Députés
7. Discours de M. le Ministre François Biltgen

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Fernand Boden, Mme Anne Brasseur, MM. Carlo Wagner et François Biltgen, Ministres; M. Eugène Berger, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.33 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

1. Demandes en naturalisation

Als éischte Punkt vun eisem Ordre du jour hu mer haut d'Naturalisatiounen. An dofir muss ech elo direkt de Huis clos ausschwätzen.

De Huis clos ass ausgesprach.

Domadder wär dann elo de Huis clos opgehuewen an déi öffentlech Sitzung geet weider.

D'Chamber huet an hirer net öffentlecher Sitzung 145 Demandes en naturalisation mat Dispens vum zweete constitutionelle Vote ugeholl. Esou wéi d'Gesetz vum 7. Juni 1989 iwwert d'Nimm an d'Virnimm vun de Persounen, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kréien, et virgesäit, huet d'Chamber sech ebenfalls mat zwou Ännerunge vum Virnumm averstanen erkläert.

Liste des nouvelles demandes en naturalisation adoptée par la Chambre des Députés le 21 mai 2004

1. CHNEKER Nader, né le 13 janvier 1936 à Dier Atieh (Syrie), demeurant à Luxembourg
2. BATAL Najwa, née le 25 décembre 1932 à Dier Atieh (Syrie), demeurant à Luxembourg
3. AFONSO BERNARDO Helder Manuel, né le 29 octobre 1965 à Aljustrel (Portugal), demeurant à Tuntange
4. AHMEDOVA Semiray Ali, née le 21 avril 1981 à Sofia (Bulgarie), demeurant à Dudelange

La personne préqualifiée est autorisée à porter les nom et prénom de AHMEDOVA Semiray.

5. ALLAMI Jalil, né le 5 décembre 1941 à Kermanshah (Iran), demeurant à Steinsel
6. FARJAM Mehri, née le 11 janvier 1946 à Sharrey (Iran), demeurant à Steinsel
7. ALVES FERANDES Sofia Isabel, née le 6 mai 1977 à Santa Maria Maior/Chaves (Portugal), demeurant à Grevenmacher
8. ALMEIDA HENRIQUES Rosa Maria, née le 26 février 1968 à Casteloes/Tondela (Portugal), demeurant à Wiltz
9. ANDRADE MONTEIRO Maria das Neves, née le 17 mars 1967 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Schifflange
10. BARREDO Ethel, née le 12 août 1967 à Cebu City (Philippines), demeurant à Beckerich
11. BASTIAN Teresa Ann, née le 25 juillet 1971 à Cambridge (Grande-Bretagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
12. BAUTISTA Janice, née le 11 septembre 1980 à Manila (Philippines), demeurant à Luxembourg
13. BAYEGI Kamal, né le 22 septembre 1958 à Foroumad/Chahroud (Iran), demeurant à Luxembourg
14. BECK Richard Andras, née le 21 mai 1983 à Budapest (Hongrie), demeurant à Lamadelaine
15. BECK Viktoria Eva, née le 21 juin 1981 à Budapest (Hongrie), demeurant à Lamadelaine
16. BELICA Andrej, né le 20 février 1956 à Bratislava (Slovaquie), demeurant à Diekirch
17. BELICA Goran, né le 6 juin 1983 à Bratislava (Slovaquie), demeurant à Diekirch

18. BEN AFIA Raouf, née le 6 octobre 1959 à Sousse (Tunisie), demeurant à Differdange
19. BOUSCARLE Gérauld Guy, né le 16 juin 1958 à Marseille (France), demeurant à Mondorf-les-Bains
20. BRASCHEL Walter, né le 26 mars 1961 à Niederöfflingen (Allemagne), demeurant à Mensdorf
21. KLASS Ute Irmgard, née le 19 avril 1961 à Trier (Allemagne), demeurant à Mensdorf
22. BROCK Florence Andrée Elisabeth, née le 1er octobre 1965 à Liège (Belgique), demeurant à Luxembourg
23. CHEUNG Man Shan, né le 22 novembre 1967 à Guangdong (Chine), demeurant à Bereldange
24. CHTATI Jamila, née le 20 juin 1961 à Meknès (Maroc), demeurant à Luxembourg
25. CIKOTIC Almir, né le 3 novembre 1978 à Berane (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Rumelange
26. CLAEYS Otis, né le 31 janvier 1971 à Gent (Belgique), demeurant à Luxembourg
27. CONSOLI Gaetano, né le 7 juin 1936 à Raddusa (Italie), demeurant à Tétange
28. CORREIA BORGES Daniel, né le 20 octobre 1959 à Sao Salvador/Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Alzingen
29. COVARRUBIAS HIDALGO Luana Constanza, née le 2 septembre 1969 à Santiago (Chili), demeurant à Differdange
30. DA ROCHA FERNANDES Victor Manuel, né le 14 mai 1975 à Luxembourg, demeurant à Schifflange
31. DA SILVA Adao Carlos, né le 29 janvier 1965 à Barra Mansa (Brésil), demeurant à Dudelange
32. DE PINA FORTES Malvino, né le 6 octobre 1975 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
33. DINIS MOURAO Georgeta, née le 10 juillet 1977 à Vila Cova Vila Real (Portugal), demeurant à Angelsberg
34. DIOUF Mamadou, né le 16 avril 1952 à Dakar (Sénégal), demeurant à Mersch
35. DJOMAKO Elisabeth, née le 4 mars 1967 à Bankondji (Cameroun), demeurant à Bereldange
36. DUARTE Isidora Antonia, née le 4 juillet 1961 à Nossa Senhora do Rosario/Ribeira Grande (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
37. EINSLE Stefan, né le 26 novembre 1962 à Waxweiler (Allemagne), demeurant à Kayl
38. LAUBACH Astrid Maria, née le 16 avril 1967 à Kyllburg (Allemagne), demeurant à Kayl
39. EL FEKRE Ouarda, née le 20 décembre 1980 à Beni ensar (Maroc), demeurant à Mamer
40. FERRANT Francis André Paula, né le 8 juillet 1972 à Bruges (Belgique), demeurant à Leudelange

41. FRANK Jeannette, née le 4 février 1977 à Koblenz (Allemagne), demeurant à Remich
42. FURTADO DE PINA Lourenço, né le 10 novembre 1960 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Lintgen
43. VARELA MASCARENHAS Maria Eduarda, née le 5 août 1970 à Santa Catarina (Cap-Vert), demeurant à Lintgen
44. GARDIN Diane Maria Cecilia Gerarda, née le 17 mars 1961 à Blankenberge (Belgique), demeurant à Howald
45. GOLDYNEK Ilona Helena, née le 17 août 1954 à Chorzow (Pologne), demeurant à Luxembourg
46. GOMES NOBRE Joaquim Manuel, né le 18 juillet 1966 à Alverca (Portugal), demeurant à Berschbach
47. HEISTER Albert, né le 30 novembre 1958 à Köln (Allemagne), demeurant à Fentange
48. HNATOW Michaël, né le 10 juillet 1980 à Villerupt (France), demeurant à Dudelange
49. IACONELLI Fabio, né le 6 juillet 1974 à Koblenz (Allemagne), demeurant à Goebange
50. JENSEN Steen Dejnbjerg, né le 18 mai 1962 à Esbjerg (Danemark), demeurant à Bridel
51. JI Shiya, née le 5 mars 1981 à Zhejiang (Chine), demeurant à Belvaux
52. JOHANNNS Edgar, né le 31 juillet 1964 à Saint-Vith (Belgique), demeurant à Wilwerdange
53. KASINATHAN Iyngaran, né le 18 décembre 1981 à Jaffna (Sri Lanka), demeurant à Luxembourg
54. KORMANJOS Monika, née le 17 juillet 1977 à Zrenjanin (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Weidingen
55. KÖSZEGHY Katarina, née le 11 octobre 1983 à Myjava (Slovaquie), demeurant à Esch-sur-Alzette
56. KOVINCIC Petar, né le 30 janvier 1981 à Beograd (Serbie-et-Monténégro), demeurant à Olm
57. LABEAU Martine Claudette Fernande Renée, née le 8 mars 1954 à Ixelles (Belgique), demeurant à Olm
58. LANNERS Valérie Micheline Josephé, née le 9 juin 1965 à Pé-tange, demeurant à Hautcharage
59. LEAMAN Judith, née le 28 mai 1964 à Ganta (Liberia), demeurant à Luxembourg
60. LIEN Bich Quyen, née le 30 mars 1972 à Khanh Hoa (Vietnam), demeurant à Bettembourg
61. LIEN Binh, né le 5 janvier 1972 à Khanh Hoa (Vietnam), demeurant à Bettembourg
62. LIMA Noémia Maria, née le 14 juillet 1975 à Santo Crucifixo/Santo Antao (Cap-Vert), demeurant à Luxembourg
63. LJEPOJEVIC Sanja, née le 1^{er} décembre 1967 à Zenica (Bosnie-Herzégovine), demeurant à Rodange
64. MAMUDOVSKI Mendu, né le 13 juillet 1965 à Debar (Macédoine), demeurant à Diekirch
65. KURTISI Diturie, née le 5 avril 1965 à Resen (Macédoine), demeurant à Diekirch

66. MARIC Dario, né le 11 décembre 1981 à Dubrovnik (Croatie), demeurant à Rodange
67. MAROGY Sahire, née le 9 mai 1978 à Zakho (Iraq), demeurant à Peppange
68. MAROGY Salwa, née le 4 mai 1981 à Zakho (Iraq), demeurant à Peppange
69. MEDZEDOVIC Raza, née le 2 janvier 1968 à Dobrusa (Bosnie et Herzégovine), demeurant à Bascharage
70. MICHIELS Eric Peter Joseph, né le 9 novembre 1967 à Oostende (Belgique), demeurant à Luxembourg
71. MOHTASHAMI Mohammad Hossein, né le 6 juin 1950 à Téhéran (Iran), demeurant à Bridel
72. MIRI Zahra, née le 30 septembre 1961 à Téhéran (Iran), demeurant à Bridel
73. MORANA Aleksander, né le 29 janvier 1950 à Shkoder (Albanie), demeurant à Pétange
74. ZEFI Angelina, née le 29 mai 1956 à Shkoder (Albanie), demeurant à Pétange
75. MORANA Elis, né le 18 décembre 1983 à Shkoder (Albanie), demeurant à Pétange
76. MORANA Kozeta, née le 18 décembre 1979 à Shkoder (Albanie), demeurant à Luxembourg
77. MUSLIU Fadil, né le 27 février 1956 à Mitrovica (Serbie et Monténégro), demeurant à Differdange
78. EJUPI Nazmije, née le 3 février 1958 à Glavnik (Serbie et Monténégro), demeurant à Differdange
79. PADJEN Vladimir, né le 1^{er} septembre 1945 à Donje Zagorje (Croatie), demeurant à Differdange
80. PEREIRA DOS SANTOS Isabel Maria, née le 6 mars 1955 à Benfica/Lisboa (Portugal), demeurant à Clemency
81. PHOLO MBENZA Anne-Marie, née le 28 juin 1960 à Moanda (République démocratique du Congo), demeurant à Esch-sur-Alzette
82. PICCARRETTA Isabelle, née le 20 février 1969 à Algrange (France), demeurant à Luxembourg
83. PINATTI STANGE Ralph, né le 9 février 1959 à Sao Paulo (Brésil), demeurant à Clemency
84. POLTORAK Agnieszka Ilona, née le 5 avril 1975 à Chorzow (Pologne), demeurant à Luxembourg
85. PROIETTI Jonathan, né le 17 juillet 1982 à Arrecife/Lanzarote (Espagne), demeurant à Esch-sur-Alzette
86. SHTINI Hajri, né le 11 janvier 1955 à Kavaje (Albanie), demeurant à Alzingen
87. SEDJA Dhurata, née le 3 septembre 1963 à Kavaje (Albanie), demeurant à Alzingen
88. SOULTANOVA Goulhora, née le 15 juin 1959 à Andijan (Ouzbekistan), demeurant à Luxembourg
89. THULL Siegfried Alfred, né le 25 mai 1960 à Daun (Allemagne), demeurant à Echternach
90. RIETVELD Katharina Johanna Margaretha, née le 17 avril 1966 à Nijmegen (Pays-Bas), demeurant à Echternach